N°3209
Entrée le 19.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

An der parlamentarescher Fro n° 3044 hat ech nogefrot, no wéi enge Krittären Héichsëtzer fir d'Juegd dierfen opgestallt ginn an a wéi enge Situatioune Geneemegungen néideg sinn. No der Äntwert vum Ministère bleift awer onkloer, wéi dat da kontrolléiert gëtt, well de Minister keng Zuelen dozou liwwere kann, wéi vill Héichsëtzer hei am Land stinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt kontrolléiert, datt Héichsëtzer legal opgestallt goufen an déi néideg Geneemegungen hunn?
2. Wien ass fir dës Kontroll zoustänneg a wéi dacks gouf an der Vergaangenheet kontrolléiert?
3. Wéi oft gouf een Héichsëtz illegal gebaut?
4. Firwat gi keng Statistike gefouert op Basis vun den Demanden, déi beim Ëmweltministère agaange sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés